

Positioun vun der ADR zu verschiddenen aktuelle Froen am öffentliche Déngscht

Pressematdeeling vum 30. November 2017

An der Öffentlichkeit gëtt am Abléck vill iwwer verschidden Dispositiounen diskutéiert déi déi öffentliche Funktioun betreffen. D'Gewerkschaften an deem Secteur hunn och déi politesch Parteien opgefuerdert fir Stellung ze huelen. D'ADR wëll dowéinst nach eemol hir Positiounen zu enger Rei vu Froen, déi den öffentliche Déngscht betreffen, rappelléieren a verweist och op hir Contributiounen zu deenen Debatten an der Chamber, déi den öffentliche Déngscht betraff hunn, besonnesch och op déi Debatte ronderëm d'Reform vum Statutt vum öffentliche Déngscht vum 24. März 2015.

1. D'ADR ass fir eng politesch neutral öffentliche Funktioun. Fir enger Politiséierung vun de Ministèrenten entgéint ze wierken, ass si der Meenung, dass d'Ministere solle kënnen fir d'Dauer vun hirem Mandat Persounen vun hirem Vertrauen an hire Cabinet nennen. Nom Oflaf vum Mandat vun deem betreffende Minister müssen dës politesch nominéiert Persounen den öffentliche Déngscht nees verloossen. D'ADR ass och géint all Bewäertungssystem am öffentliche Déngscht, deen de Risiko vu politischem Favoritismus mat sech bréngt.
2. D'ADR ass fir e schlanken a flexibele Staat nom Prinzip "Esou vill Staat wéi néideg, mee esou man Staat wéi méiglech". Et ass dobäi eng Selbstverständlechkeet, dass mam Wuesstem vun der Populatioun a mat der Verännerung vun de staatlechen Aufgaben den öffentliche Déngscht muss permanent esou ugepasst ginn, dass en all seng Aufgaben zuverlässeg, effikass a séier am Déngscht vum Bierger muss kënnen erfëllen. D'ADR ass awer gläichzäiteg der Meenung, dass net all Aufgaben an Aktivitéiten müssen oder sollen dem Staat uvertraut ginn.
3. D'ADR ass der Meenung, dass déi öffentliche Funktioun muss fir lëtzebuergesch Staatsbierger reservéiert sinn. An absoluten Ausnahmefäll, wann et wierklech absolut net méiglech sollt sinn, fir eng bestëmmt Plaz e qualifizéiert Lëtzebuergesch ze fannen, ka punktuell an temporär op Ausländer zréckgegraff ginn. Bei souveräne Funktiounen, wéi z.B. der Diplomatie, der Force publique, der Magistratur an esou virun d'äerf et iwwerhaupt keng Ausnam ginn. D'ADR war och déi politesch Partei, déi sech dofir agesat huet, deenen EU- Ausländer, déi an eiser Arméi als Fräiwëlleger wëllen déngen, e méi séieren Zougang zu eiser Nationalitéit ze erméiglechen.
4. Jiddereen, deen an der lëtzebuergescher öffentlecher Funktioun schafft, muss déi dräi Verwaltungsproochen Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch op héijem Niveau kënnen, woubäi fir d'ADR déi perfekt Beherrschung vun der Lëtzebuergescher Sprooch eng onverzichtbar Konditioun ass. Ausländer, déi an der öffentlecher Funktioun schaffen, müssen Lëtzebuergesch léieren an iwwer e kontrolléiert Stufesystem hir Sproochkenntnesser permanent verbesseren a verdéiwen.
5. D'ADR ass géint eng Ausglidderung vu souveräne Funktiounen u privat Acteuren, wéi et z.B. mat der Kontroll vum Lëtzebuergeschen Loftraum um Findel probéiert gouf.

6. D'ADR ass fir eng qualitativ héichwäerteg ëffentlech Funktioun. De politesch verschëlte Verfall vum Niveau vun de Lëtzebuerger Schoulen, deen sech iwwer déi lescht Jorzéngten permanent verschlëmmert huet, féiert dacks zu schlechte Resultater bei de Staatsexamen. D'ADR ass dogéint, de Niveau vum Staatsexamen erof ze setzen, well si fir eng gutt Qualitéit vum ëffentlechen Déngscht plädéiert. D'ADR fuerdert e radikale Wiessel an der Schoulpolitik fir de Niveau vun de Schoulen nees erop ze setzen.
7. D'ADR wëll de Rekrutement vun enger Rei vu Karriären nees iwwer d'Arméi lafe loossen, sief et iwwer e Système vun Exklusivitéit, vu Prioritéit oder vu Quoten, jee nodeem. D'Zaldote sollen optimal op déi Karriären virbereed ginn, woubäi och en ausbaufäege Militärlcée ka bäidroen. Dës Moosnam soll och dozou bäidroen, déi aktuell Rekrutéierungsproblemer bei der Arméi ze reduzéieren.
8. D'ADR ass géint den aktuellen Bewäertungssystem an der ëffentlecher Funktioun. Si ass der Iwwerzeugung, datt dee System a verschiddeenen Administratiounen iwwerhaapt net ka funktionnéieren, an aneren nëmme ganz schwéier an datt en allgemeng den Aarbechtsklima téschent de Mataarbechter ka belaaschten. Och besteet de Risiko vun enger Politiséierung vun ëffentlechen Déngscht. D'ADR ass dowéinst der Meenung, datt dee System soll ofgeschafft ginn.
9. D'ADR ass géint eng Bürokratiséierung vum ëffentlechen Déngscht, z.B. duerch eng "gestion par objectifs". D'ADR mengt et eescht mat der administrativer Vereinfachung, an déi fänkt dacks am Staatsapparat selwer un. De Staatsapparat soll sech em den Déngscht um Bierger këmmere, ouni sech missen ze vill mat sech selwer ze beschäftegen.
10. D'ADR ass fir punktuell Verännerungen am Statut. Prinzipiell ass d'ADR fir e staarke Statut, deen de Fonctionnaire effikass schützt an d'Neutralitéit vum ëffentlechen Déngscht garantéiert. Si ass z.B. der Meenung, datt d'Méiglechkeet vun der Entloosung "ad nutum" vu verschiddeenen Beamten – ausserhalb vum droit commun – net akzeptabel ass. Si ass och fir eng méi generéis Handhabung vun der "protection du fonctionnaire". D'ADR ass och géint eng Rei vu Moosnamen, déi déi aktuell Regierung geholl, huet an déi zu neien Härtefäll am ëffentlechen Déngscht geféiert hunn. Genannt siefen hei zum Beispill d'Stagiaire vun der Police. D'ADR freet sech och op eng Zwangsharmoniséierung vun alle Carrière beim Staat, zum Beispill beim Stage, ëmmer néideg a sënnvoll ass.
11. D'ADR ass fir e Matenee vum ëffentlechen a vum private Secteur an net fir e Géinteneen. Déi zwee Secteuren droe jiddereen zum gudden Fonctionnement an zu der allgemenger Entwécklung vun eisem Land bäi. De Problem vun der héijer Attraktivitéit vum Staat a verschiddeenen Carriären, Beruffer an Alterskategorie par rapport zum private Secteur ass reell. Et kann an den An vun der ADR net sinn, datt Leit, déi de private Secteur mat vill Méi an héijem personellen a finanziellen Asaz ausgebild huet, duerno léiwer beim Staat an dacks och nach a manner qualifizéierte Beruffer schaffen. Dës Problem huet vill Facetten, vun deenen d'Rémuneration vun de Stagiairen eng ass. Och muss een déi reell Responsabilitéiten an Tâche vun de Stagiaire mat berücksichtegen. D'ADR ass gär bereet, de Problem an all senge Facetten mat deenen zwee Secteuren ze diskutéieren fir zu enger Léisung ze kommen. Et muss awer kloer sinn, datt déi gesamtgesellschaftlech Interessien heibäi musse berécksichtegt ginn. Esou laang keng besser Léisung fonnt gëtt, soll den 80/80/90 Système am Stage dowéinst weider funktionnéieren.